N°1836
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1836 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Sustainable Development Goals (SDG 4) viséieren eng *„héichwäerteg Bildung fir jiddereen"*, méi genau d'*„Sécherstelle vun enger inklusiver, gerechter an héichwäerteger Bildung souwéi d'Färderung vum liewenslaange Léieren fir jiddereen"*; et ass domat en universellt Zil an dofir natierlech och op Lëtzebuerg applikabel. D'Regierung verfollegt allerdéngs mat der Ëmsetzung vum Regierungsprogramm am Beräich vun der Educatioun eng Politik, déi op déi konkret Defien an dësem Beräich zu Lëtzebuerg ausgeluecht ass. Eng entspriechend Opschlësselung vun de Budgeten a Programmer ass deemno net méiglech.

**Ad 2)**

De Phänomen vu Kanner an Jugendlechen, déi net richteg liesen an schreiwen kënnen zu Lëtzebuerg, ass marginal. Den nationale Bildungsmonitoring an der Grondschoul an am Secondaire, déi sougenannten ÉpStan, liwwere kontinuéierlech Donnéeën, ënner anerem zur Lieskompetenz an zum mathematesche Verständnes, dëst a Relatioun mat de Bildungsziler, déi am Plan d'études ugeféiert ginn. D'Resultater vun dësem Monitoring sinn an aller Transparenz op www.epstan.lu ze gesinn; Analysen dozou fënnt een ënner anerem och nach am nationale Bildungsbericht.

Et ass e kloert Zil vun der Bildungspolitik, d'Zuel vun de Schüler mat geréngе Lies- a Schreifkompetenze stänneg ze reduzéieren, andeems geziilte Färderprogrammer agesat ginn, ënner anerem z. B. am Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa (CDA).

**Ad 3)**

D'Lëtzebuerger Regierung verfollegt verschidden Initiativen am Aklang mat SDG 4.1, 4.2, 4.5 an 4.6, fir sécherzestellen, datt all Schülerinnen a Schüler grondleeënd Fäegkeeten opbauen:

- *Fréikandlech Bildung a virschoulesch Färderung* (SDG 4.2):
  - Programmer zur sproochlecher a kognitiver Entwécklung fir Kanner ënner fënnef Joer.
  - Kontinuéierlechen Ausbau vun de Crèche-Offeren an dem Angebot am Precoce fir eng fréizäiteg Färderung.
  - Geziilt Färderung duerch Sproochprogrammer am Cycle 1, ë. a. mat enger nei entwéckelter „Sproochekëscht" an Entwécklung vu phonologescher Bewosstheet am Cycle 1.

- *Liesen, Schreiwen, Rechnen* (SDG 4.1 & 4.6):
  - Épreuves standardisées fir d'Erfaassung vun de Liesfäegkeeten a Mathematikkompetenzen.
  - Programmer fir d'Férderung vun de Lieskompetenzen a méi Sproochen.
  - Kontinuéierlechen Ausbau vun der Ënnerstëtzung fir Schülerinnen a Schüler mat besonnesche Léierbedierfnesser (z. B. an de Kompetenzzentren, den ESEB oder och duerch den Ausbau vum Netz vun I-EBSen an der Aféierung vum A-EBS).
- *Méisproocheg Bildung* (SDG 4.5):
  - Férderung vun der Méisproochegkeet mat geziilte Sproochbrécke-Programmer, z. B. duerch de Projet *ALPHA – zesumme wuessen* a méisproochlech Léiermaterialien.
  - Programm vun der méisproocheger Bildung an de Crèchen.
  - Individuell Sproochférderung fir Kanner mat besonnesche Bedierfnesser am Liesen a Schreiwen.
- *Berufflech Bildung a liewenslaangt Léieren* (SDG 4.3 & 4.4):
  - Ausbau vun der Beruffsorientéierung an Aféierung vun neien digitalen an techneschen Ausbildungs- a Weiderbildungsofferen.
  - Férderung vun Weiderbildungsmoossname fir Erwuessener, fir digital a mathematesch Kompetenzen ze stäerken (z. B. UniPop, DLH).
  - Ausbau vu Formatiounen, déi d'Erléiere vun Sprooch- a Beruffskompetenze verbannen (an Zesummenarbecht mam ONIS an der ADEM).
  - Ausbau vun den Orientatiounsmoossname fir Erwuessener.
  - Preparatioun op d'Arbechtswelt vu muer (*Upskilling* a *Reskilling* ënner der Form vu *Skillsbridges*).

**Ad 4)**

D'Kompetenzentwécklung gëtt duerch national an international Studien iwwerpréift, fir fréi Defiziter ze identifizéieren an entspriechend Moossnamen ze ergräifen.

- *Evaluéierungsmethoden*:
  - PISA-Studien zur internationaler Vergläichbarkeet vun de Lies- a Rechekompetenzen.
  - National Épreuves standardisées an der Grondschoul an am Secondaire.
  - Individuell Léierstandsanalysen duerch d'Enseignanten a geziilte Férdermoossname fir Schülerinnen a Schüler mat spezifesche Bedierfnesser (iwwer d'Commissions d'inclusion).
- *Moossnamen fir d'Behiewung vun Defiziter*:
  - Aféierung vun intensivéierte Férderprogrammer fir Schülerinnen a Schüler mat Léierschwieregkeeten.
  - Zousätzlech Léierbegleedung an Nohëllefsangeboter fir Schülergruppe mat besonnesche Léierbesoinen.
  - Diagnostester, fir individuell Schwächte fréi ze identifizéieren.

- Weiderbildunge fir d'Enseignanten, fir personaliséiert an differenzéiert Léiermethoden nach besser kënnen unzewenden.

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH